N°4235
Entrée le 15.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 15.06.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 15. Juni 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Inneminister weiderzeleeden:

„Am ëffentlechen Transport sinn nieft de Chaufferen och Mataarbechter mat Kontroll- a Sécherheetsmissiounen am Asaz. Gläichzäiteg gëtt aus dem Secteur drop higewisen, datt dës Mataarbechter an hirer deeglecher Aarbecht reegelméisseg mat schwierege Situatioune konfrontéiert sinn.

An deem Kader wollte mir dem Här Inneminister follgend Froe stellen:

- Wéi vill agents de contrôle respektiv agents de sécurité sinn aktuell am RGTR-, CFL- a Luxtram-Netz am Asaz, a wéi huet sech hir Zuel zënter der Aféierung vum gratis ëffentlechen Transport am Joer 2020 entwéckelt?
- Wat sinn hir genee Missiounen a Kompetenzen am ëffentlechen Transport? Kontrolléieren si ausschliisslech d'Passagéier oder gehéiert och d'Kontroll vun operationelle Virschrëften zu hire Missiounen?
- Wéi eng Mëttele stinn hinnen zur Verfügung, fir op aggressiivt oder bedreelecht Verhalen ze reagéieren?
- Ass d'Regierung der Meenung, datt déi aktuell Kompetenzen a Mëttelen de Besoine vum Terrain entspriechen?"

Mat déiwem Respekt,

| | |
|---|---|
| Corinne CAHEN | Mandy MINELLA |
| Deputéiert | Deputéiert |

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu